

## Natierlech Sprooch-Praxis

vum Lex Roth

Et gëtt haut hei net fir d'éischt drop gewisen, datt eng Sprooch ënner normalen Ëmstänn net mat enger Grammaire am Grapp oder engem Dictionnaire an der Hand geléiert ka ginn. Huel **déi wonnerbar 'natierlech' Manéier, wéi eis kleng Däbessen sech druginn**, fir mat an de Krees vun deenen ze kommen, déi do rondrëm si schwätzen. A wat si sech dann dacks 'iwverschloen', dëst oder dat Wuert 'vernennen', selwer hir eege Wieder maachen, déi esouguer méi ewéi eemol als 'hausmaacher' Ausdréck an der Famill hänke bleiwen. Dat ass dach eppes ewéi e Wonnerwierk... a wat si mir houfreg, wann et all Dag a vrun allem ëmmer méi séier 'vill méi besser gutt' geet. Och vun der Sprooch aus gekuckt, vergréissert deene Klengen hire Krees sech an engem Stéck: Elteren – Gesëschter – Noperen – Butzeschoul – Spillschoul – 'grouss' Schoul – Schoulhaff – Léierpersonal... hei spillt dann ëmmer erëm deeselwechten natierleche Prinzip vun der... Praxis! Net dee vu Grammaire, Morphologie, Syntax, net Linguisten-Terminologie à la 'Phème, Phonème, Lexème, Onomastik, Onomasiologie asw. Leider ass et engem do dacks, wéi wa Wëssenschaftler e Blinddarm wëllten duerch d'Nues eran iwuer de Mo an den Daarm operéieren, aplaz dee Wutz 'einfach' duerch e klengt Lächelchen op deer richteger Plaz ewechzepetzen.



(BILD: OLIVIER JAMINON)

Zënter Joerhonnerten hu sech all grouss Pädagogik-Meeschtere mat deem Phenomän ofginn... mä dir braucht keen extra Geléierten ze sinn, fir de Kënnercher op de Mond ze kucken, iech mat hinnen ze freeën, wann **aus eenzelen 'ongehuwelte' Lauter Wieder** ginn; wann deer Puzzle-Stécker ëmmer méi hannerenee gehaang kommen; wann se dann no an no mat deene 'wibbelege' Verbe lieweg ginn an eppes draus entsteet, dat mir e 'Saz' nennen. Natierlech musse mir si heiansdo 'verbesseren/erëmhuelen', hinnen e Saz riichréckelen. Ower et ass e Genoss, wéi d'Kanner och domat séier eens ginn... wéi gesot: am Normalfall.

Huet dat dann elo speziell mat eiser Sprooch ze dinn? Am Fong net, well si sech 'am Natierleche' bei engem Kand genee esou entwéckelt ewéi Franséisch, Englesch, Russesch, Chinesesch oder Japanesch. **Kanner sinn och um Sproochgebitt 'kleng Afen'**, si probéieren alles nozemaachen, wat si gesinn... oder héieren! Wa kee giff mat hinne schwätzen, da genge si Stëmmercher bleiwen; dofir ass et esou wichtig, datt een sech mat hinnen 'ofgëtt'.

Kanner passen sech deem un, wat si héieren a gesinn. Ass dat verkéiert oder aremséileg, dann ass d'Resultat bei hinne leider deemno. Schwätze mir 'Vizmatesdäitsch', da babbelen si och ewéi ee vun hanner Tréier. An anere Wieder: **De Kanner hirt Lëtzebuergesch ass esou gutt oder esou arem wéi den Elteren hirt**, ouni mol vum Afloss vun deer vrun allem däitscher Televisioun ze schwätzen. Ass et iech dann nach net opgefall, datt onheemlech vill Kanner ewell am 1. an 2. Schouljoer eng däitsch Aussprooch hunn, datt dir hannerzeg gitt? Kee Wonner: Si sinn an allem kleng Äffercher! Firwat sollen si dann och anescht soen, wann 'doheem' nëmme vun *Ameisen, Schmetterlingen, schnell, andauernd* asw. geschwat gëtt? D'Sprooch ass a bleift vrun allem eng Saach vu verstänneger Praxis. Theorie soll si, vrun allem an der Schoul, begleeden... net ermëzlen!

## Gediechtnis?

De Frënd Heng Rinnen, ee vun 'do uawwen', hat en Ausdröck, deen engem nach haut sympathesch am Verhalt läit: Dat do ass mir **'ausdenkeg'** ginn. Méi schéin a méi genee kann een net soen, datt een eppes net méi weess, sech net méi drun erënnert, Alzheimer? Dir huet den Heng och ni vun engem 'Gediechtnis' héiere schwätzen, dat war e **'Verhalt'**... an da freet een sech alt, wat dat mat deem 'Gediechtnis' soll, wa mir jo e Wuert fir dat hunn, wat d'Fransouse 'mémoire' nennen. Eise 'Verhalt' geet duer. Firwat solle mir en da verblatze loossen? Da gëtt en 'ausdenkeg'.

## Flouer- a Kadasternimm

A joerelaanger Aarbecht hunn 2 Leit (den Här Eierendirekter Patrice Schonckert an äre Schreiwert) eisen Dausende vu 'lieux-dits' am Kadaster op den Zannt gefillt, vrun allem **déi iwwerflësseg (dacks och absolutt lächerlech) Verdäitschungen aus dem Ufank vum 19. Joerhonnert souzeso mam 'Laiskamp' erausgeholl**. D'Resultat vun dëser Ploerei gëtt dann elo vun eiser Kadasterverwaltung 'numeriséiert', also fixéiert. Dat geet natierlech net an 'amen a jo'. Mir soen dem Här Minister Luc Frieden, dem Här Direkter André Peffer an hire Beamten eise Merci an d'Bewonnerung fir hir gutt Mathëllef. Dem Här Pat Schonckert gëtt d'Actioun-Lëtzebuergesch als Unerkennung **d'Sëlwerplack 'Dicks-Rodange-Lentz'**; domat steet hien an der Rei vu verdéngschvolle Leit fir eis Sprooch, wou d'Häre Pierre Werner a Robert Krieps den Ufank gemaach hunn. ■ L.R.

## Walfer Bicherdeeg 2008

Déi 'Walfer Bicherdeeg' sinn **zënter Joer an Dag eng Traditioun** fir all déi, déi Freed un de Bicher hunn. Eng giedeleg 'Occasioun' oder fusch-neier, dir kritt vun allem ze kucken an ze kafen, fir iech selwer; fir Kanner; fir e flotte Cadeau.

Maacht iech e 'Krop' bei de Samschdeg, 15. oder de Sonndeg, 16. November. Et deet iech ganz bestëmmt net Leed. **Alles, wat hei am Land mat Bicher ze dinn huet, ass do...** och eis Actioun-Lëtzebuergesch. Kommt, schwätzt mat äis, huel iech eng Nues vu jidfer Publikatioun... vläicht gefällt dëst oder dat iech. Dann huel et – fir e gudder Präiss! – mat. Mir freeën äis op äre Besuch an der Hal 1! ■ AL

## Wësst dir...

datt **déi alleréischt 'Europaschoul' hei zu Lëtzebuerg** fonctionnéiert huet, laang viru Bréssel, Varese asw.? Haut ginn et der natierlech kéipweis an der EU, an dat ass och gutt esou. Da wësst dir vläicht och, datt dës Schoul hirt Gebai no 'bei der Fouer' (Boulevard de la Foire) hat. Mä do ass et zimlech séier ze enk ginn, an d'Europaschoul krut hir Plaz um Kierchberg, wou si, bis haut, an engem Stéck ausgebaut ginn ass. An dat Gebai um Glacis sinn dann eng Partie Staatder Primärschoulsklasse komm... do krute mir 1976 d'Säll fir déi **alleréischt allgemeng Lëtzebuergesch-Coursën am Land** vun der Stad Lëtzebuerg gestallt. Eise Merci ass, no 32 Joer, op kee Fall vergiess.

Haut ass am selwechte Gebai eise 'Centre de Langues' (natierlech och fir Lëtzebuergesch) doheem, deen an nächster Zäit als 'Institut' eng vollgesetzlech Basis soll kréien; eng gutt Saach ewéi alles, wat mat zolitter Bildung ze dinn huet.

Mä, mä, mä... elo eng Fro: Firwat ass **op deem klor histoeresche Schoulgebai**, ënnert deer sympathescher Europa-Allegorie-Skulptur (haut-relief), d'Schrëft verschwonn, déi un den Ufank vun allen EU-Schoulen an eisem Europa erënnert huet: SCOLA EUROPAE? Deer hirer brauche mir äis dach mengerwäreg net ze schummen, oder? Da setzt se, w.e.g., erëm op hir Plaz! D'Generatiounen no äis an eis Gäscht vun iwuerall hier hunn dat zegutt. ■ H.M.

## de Geck

Natierlech fanne mir dat Wuert och am Däitschen... vrun allem, wann déi aner Woch déi geckeg Zäit an d'Gecken/Jecken 'déi aner Säit' lassginn; d'ganz Joer duerch kënn dir ower Houfersäck begéinen, déi op däitsch dann och nach 'Geck' heeschen, ower *'eine geckige Zeit'* gëtt et am Däitschen net. **Si kennen d'Wuert net als Adjektiv/Wie-wort**. Un dësem Beispill wéi op kéipweis anere kënne mir erausfannen, datt eis Sprooch sech op vill Manéiere vum Houdäitschen ënnerscheed, souguer wann dat engem op den éischte Siess net an d'A spréngt: *mat deem ass de Geck vill gemaach ginn – de Geck wäert deem nach vergoen – et guff vill gegeckst – ech hu mech op d'geckeg Knippche gestouss – déi Schrauf ass geckeg – ech hu meng Been esou geckeg – maach de Geck mat dengen ale Schong – dat do geet net esou geckeg an d'Rei – hien ass e geckegen Hond an hatt e geckegt Hénkel...* wann dir gutt nodenkt, da fannt dir deer Beispiller nach... maacht iech ower net geckeg domat! ■ P.W.

## Christiane EHLINGER



...ass e weideren Numm vun deene verdéngschvolle Leit, déi sech ëm **d'Lëtzebuergesch als Schreifsprooch** bekëmmere. Op dem Bild hei drënner gesitt dir dat Buch, wat si elo nei erausginn huet, a wou wierklech jidferenee, deen et mat eiser Schreifweis eescht mengt, sech op eng genësseg Fassong erakruwwele kann.

**D'Madame Ehlinger ass Léierin, ower deer richteger gerueter eng**. Ouni am Spezialiste-Jargon ze gaken, versteet si et, äis d'Orthographie bal 'spilles' vrun d'Nues ze setzen. Dat soll roueg jidferee fir sech, vläicht fir seng Kanner oder (firwat net?) fir Frënn kafen.

**22 €**... dofir kritt dir an engem eierbare Restaurant vläicht just e Büffdeck mat engem Pättchen, oder eng Portioun Mullen. De 'Roude Fuedem' hält vill méi laang bäi! ■ L.R.

## Bravo!

Op 'eiser' Uni ass elo net méi nëmme eng 'Luxemburgistik-Sektioun' als Deel vun der 'Germanistik' ze fannen, mä eng eege 'Chaire', e 'Lehrstuhl' fir d'Lëtzebuergesch. Frot net, wat dat dann elo op Lëtzebuergesch soll heeschen, do kënne/sole mir emol nach driwwer nodenken. Wichtig ass et, datt d'Fach 'Lëtzebuergesch' eng fest Plaz huet.

Wichtig ass et och, datt **d'Madame Germaine Goetzing als alleréischt Professesch** op déi Plaz genannt ginn ass. Dat gesi mir als Garantie fir eng kompetent a gutt Aarbecht. Si huet zu Miersch, am Literatur-Zenter (CNL) gewisen, datt si sech mat Läif, Léift, Séil a Kënnen an eng Iddi, en Ideal eraschaffe kann... an et huet hir bis haut nach net 'an d'Nues gereent'.

Mir si sécher, datt déi nei 'Uniprofessesch' eiser Sprooch um akademesche Plang déi richteg Plaz an all Eier verschaaft. Der Madame Staatssekretärin Octavie Modert an hirem sympatheschen 1. Conseiller Guy Dockendorff eis Felicitatiounen an e waarme Merci! ■ P.W.